

# Ëmmer méi Leit ginn trëppelen

PerPedes wisst bestänneg



*De Footing-Club PerPedes ass ganz aktiv an der Gemeng.*

**Bartreng.** Méi wéi d'Halschent vun de 125 Membere ware present op der Hauptversammlung vum Footing-Club PerPedes. Ee Veräin, dee bestänneg wisst, net nëmmen, well ëmmer méi Lait gär trëppele ginn, mä och well de Club senge Membere vill ze bidden huet. Dat lescht Joer waren et d'Organisatioun vun enger Trëppelvakanz am Tirol mat 40 Participanten, eng gemeinsam Participatioun un engem IVV zou Habay-la-Vieille an der Belsch, en Ausflug op de Chrëschtmaart zu St.Wendel a verschidde begleet Wanderungen hei am Land.

Un der Ganzdagesmarsch op Päischtsonndeg hu sech 943 Leit bedeelegt, an am September um halwen Dag sinn nach eng Kéier 428 Trëppelfrënn op Bartreng komm. Bei dëse Geleeënheet kann sech de Veräin op déi aktiv Hëllef vu senge Membere verloossen, déi onermiddlech vun hirem President, Ed. Pansin, motivéiert ginn.

De PerPedes ass och ëmmer do-bäi, wenn et heescht, fir sech un den Aktivitéite vun der Gemeng ze bedeelegen. Do ass speziell ze

ernimmen, dass schon dat lescht Joer e groussen Effort fir den Télévie gemaach ginn ass, an dass seng Memberen och de 24. Abrëll op der Journée Télévie zu Bartreng wäerten am Asaz sinn.

Um Marsch vum 21. Mee wäert de Veräin, niest dem gewinnte Programm, och e Yuppi-Walk, mat Spiller fir d'Kanner, a Begleitung vun hiren Elteren organiséieren. Och dëst Joer stinn nees IVV-Participatiounen am Ausland a begleet Wanderungen um Programm. D'Marie-Anne Losch-Pansin ass aus dem Komitee ausgetrueden, an de Vizepräsident Raym. Merenz huet sich am Numm vun alle bei hir fir déi onermiddlech Ënnerstëtzung bedankt. De Komitee kann op zwee nei Memberen zielen a setzt sech am neie Joer zesummen aus: President: Ed. Pansin; Vizepräsident: Raym. Merenz; Sekretärin: Ruth Maes; Keessière: Nicole Meyer; Memberen: Fernand Caas, Suzette Decker, Marcel Fautsch, Helma Kiggen, Jules Meyer, Martine Plier, Monique Schmit, Willy Seyler.

*Ruth Maes via mywort.lu*